Naturaktivitéite fir Schoulklassen

Offer vun den Naturschutzzentere vun der Naturverwaltung

Programm 2024/2025

Administration
de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg

Eis fënnef Naturschutzzenteren

„D'Natur erliewen"

D'Haaptaufgabe vun der Naturverwaltung sinn nieft der Gestioun vun eise Bëscher an Naturschutzgebitter, de Public fir den Naturschutz an en nohaltege Verbrauch vun natierleche Ressourcen ze sensibiliséieren.

Dëser Aufgab stellen sech d'Naturschutzzentere vun der Naturverwaltung mat enger erliefnes-orientéierter Offer fir Naturaktivitéiten. Mat Beweegung, Kreativitéit, Spill, Teamgeescht an och mat Stimulatioun vun de Sënner gëtt d'Bewosstsinn an d'Verantwortung vun de Kanner gestäerkt.

Iwwersiicht

4 A Wiewesch
5 Naturschutz a Landwirtschaft
9 Natur erliewen
12 Bësch
14 Mënsch a Natur
15 Teambuilding

16 Biodiversum
17 Liewensraum Fiichtgebitt
19 Natur erliewen
21 Bësch
22 Mënsch a Natur
24 Teambuilding

26 Burfelt
27 Konscht, Kultur a Natur
28 Natur erliewen
30 Bësch
33 Mënsch a Natur
35 Teambuilding

36 Ellergronn
37 Natur erliewen
41 Bësch
44 Mënsch a Natur
46 Teambuilding

50 Mirador
51 Konscht, Kultur a Natur
52 Natur erliewen
56 Bësch
59 Mënsch a Natur
61 Teambuilding

© CNF A Wiewesch

A Wiewesch

Am Häerz vu Manternach, ëmgi vu Felder, Weeden a Bongerte läit den **Naturschutzzentrum A Wiewesch**.

An der eemoleger Scheier an de Ställ vum Bauerenhaff ass eng interaktiv Ausstellung, zum Thema Naturschutz a Landwirtschaft. An dëser interaktiver Ausstellung gëtt op eng flott Aart a Weis gewisen, dass Landwirtschaft, Naturschutz an eng gesond Ernierung zesummenhänken an och ënnert anerem eist Klima beaflossen.

Nieft dem pedagogesche Gaart A Wiewesch, luet déi schéi Kulturlandschaft jiddereen an, fir op eisen didaktesche Weeër spadséieren ze goen, oder un eise sëllegen Aktivitéiten oder Workshoppen deel ze huelen.

awiewesch
Centre nature et forêt
Naturschutzzentrum

Fir all Aktivitéiten am Naturschutzzentrum A Wiewesch gëllt:

- D'Unzuel vun de Participanten ass op 20 limitéiert.
- Denkt w.e.g. u gutt Schong an dem Wieder ugepasst Gezei.
- E Picknick ka matbruecht ginn.
- All Aktivitéit kann op Ufro mat enger Mëttespaus an eiser Grillhütt verbonne ginn.

Infoen an Umeldung

12, Syrdallstrooss
L-6850 MANTERNACH

Tél: 247-56503

awiewesch@anf.etat.lu

Naturschutz a Landwirtschaft

Liewensraum a Vilfalt vun de Wisen a Weeden

D'Schüler *innen klammen an d'Roll vu Fuerscher*innen.

Déi verschidde Standpunkten an Interessekonflikter bei der Erhalung vum Liewensraum Grénglan ginn diskutéiert an an engem Rollespill duergeluecht.

Uschléissend kann d'Klass hir eege Landschaft mat Bauklötz gestalten.

Cycle



Wéini?
Fréijoer bis Hierscht

Viz Aktioun

Cycle



Wéini?
Oktober
vun 9 bis 14 Auer

All Kand kann eng Fläsch matbréngen (max. 1 Liter) wou mir Viz afëlle kënnen

Mir ginn zesummen Äppel rafen a léiere bei dëser Geleeënheet de Bongert besser kennen. Duerno maache mir Viz mat den Äppel a schmaachen deen och direkt zesummen. An eiser Kiche bake mir een Äppelkuch.

Naturschutz a Landwirtschaft

Komm mat an d'Gromperen

Cycle



Wéini?
Abrëll bis Juli
ab 9 Auer

Fir méi Informatiounen oder Froe sti mir iech gär zur Verfügung.

Dës spannend Aktivitéit besteet aus zwee Deeler. Am Abrëll ginn d'Grompere gesat, ugangs Juli gi se erausgeholl. Als Belounung gëtt et duerno ee gudde selwergemaachene Gromperemenü.

Komm mat an eise Gaart

Leckert a lokaalt Geméis aus eisem eegene Gaart.

Wéi gestalte mir eisen eegene Geméisgaart? Mir entdecken déi verschidden Aarbechten am Gaart: Mir plangen, séien, rappen Onkraut a schmaachen alles wat mir ugeplanzt hunn. All Mount ginn et aner Aarbechten déi gemaach musse ginn.

Cycle



Wéini?
Abrëll bis Oktober
vun 9 bis 12 Auer

Naturschutz a Landwirtschaft

Net just Hunneg am Kapp

Zesummen ënnersiche mir ee Beiestack.

Wou kënnt den Hunneg hier? Wien iwwerhëlt wéieng Aufgab am Beiestack? Wéi wichteg sinn d'Hunnegbeien, d'Wëll Beien an d'Bommele fir eis Mënschen?

Komm, mir fannen dat zesummen eraus.

Cycle



Wéini?
Abrëll bis Juli

Frëscht Brout

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Vum Kär bis zum Brout:
muelen, knieden, baken.

Eng beléift Kanneraktivitéit iwwer déi bal verschwonne Konscht vum Broutbaken.

Wanderung, Naturschutz a Landwirtschaft

Wéi kënne mir d'Natur schützen an eppes fir d'Klima maachen?

Op eiser Wanderung (Léierpad Manternach-Lelleg) entdecke mir wéi Naturschutz a Landwirtschaft Hand an Hand ginn a firwat et sou wichteg ass mat verschiddenen Acteuren zesummen ze schaffen.

Uschléissend kann eng Féierung duerch d'Ausstellung Naturschutz a Landwirtschaft ugebuede ginn.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Naturschutz a Landwirtschaft

Naturschutz um Teller

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Wéi kënne mir mam Choix vun eisem Iessen d'Natur schützen? Wou kommen eis Banannen hier a wéi gi se ugeplanzt?

Mir kucken eis u wat fir Liewensmëttel lokal produzéiert ginn a versichen ze verstoe wat nohalteg Ernierung bedeit. Natierlech schmaache mir och lecker lokal Produiten.

Buedem – gesonde Buedem, gesond Iessen

Buedemschutz, eng Erausfuerderung fir d'Biodiversitéit ze erhalen an eis Ëmwelt ze schounen.

Et gëtt vill verschidde Biedem an alleguer erzielen se eng aner Geschicht. Mat Hëllef vun Experimenter a Beobachtungen entdecke mir wéi villfälteg d'Liewen ënner der Uewerfläch ass.

Cycle



Wéini?
Mäerz bis Oktober

Vum Schof bis zur Woll

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Wéi lieft ee Schof a wéi kann de Mënsch ee Schof notzen?

Mir besichen eis Schof an entdecke wat mir alles mat hirer Woll maache kënnen.

Natur erliewen

Wëll Déieren zu Lëtzebuerg

Wie lieft an eise Bëscher?

Wëll Déiere waarden op iech. Erkennt dir hir Spueren?

Op Ufro besteet d'Méiglechkeet, déi opgestoppten Déiere selwer auszewielen.

Cycle

1.1 2.1 3.1 4.1

Wéini?
Ganzjäreg

Fräsch a Co.

Cycle

1.1 2.1 3.1 4.1

Wéini?
Mee bis Juli

Wat lieft am an um Weier?

Mir dauchen an an d'Welt vun den Amphibien an Insekten. Dobäi léiere mir allerhand iwwer d'Liewen an d'Iwwerliewen am Weier.

Natur erliewen

Insektesafari

Mir maachen een Ausfluch an d'Welt vun den Insekten. Mir ginn duerch ee Labyrinth a fänke mat der Becherlupp Insekte fir eis se genee unzekucken an duerno nees fräizeloossen.

Cycle



Wéini?
Mee bis August

Wëll Beien a Biodiversitéit

Cycle



Wéini?
Abrëll bis Juli

Mir maachen eng Entdeckungsrees an d'Welt vun de wëlle Beien.

Mir kucken den Ënnerscheed zur Hunnegbei, gesi vu ganz no wéi d'Wëll Beien hir Näschter bauen, vu wat si sech ernären, wéi wichteg si fir eis Natur sinn a wat mir alles maache kënne fir si ze schützen.

Natur mat alle Sënner

Mir lauschteren, schmaachen a richen eis spilleresch duerch d'Natur. Mir léiere méi genee ze kucken fir ëmmer nees eppes Neies ze entdecken an ze verstoen.

Cycle



Wéini?
Abrëll bis November

Natur erliewen

Erliefniswanderung Manternach Fiels

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg
vun 9 bis 12 Auer

Um Léierpad Manternacher Fiels, am gréisste Schluchtbësch vu Lëtzebuerg, entdecke mir seelen Aarte wéi zum Beispill Hirschzong-Farn an den Äisvull.

Wa mir achtsam duerch d'Géigend ginn, fanne mir, ofhängeg vun de Joreszäiten, och nach seelen Orchideeën oder Champignonen.

D'Wiss ënnert der Lupp

Kommt mat op eng Entdeckungsrees duerch d'Wiss!

Mir beobachten Déieren, entdecke Planzen a léieren, wéi wichteg et ass, eis Natur ze schützen. A lass!

Cycle



Wéini?
Mee bis September

Bleif bei der Heck

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Hecke kenne mir a ville Formen, vum Amaache vu Wisen oder als Zäitverdreif als Iergaart geschnidden, se si ganz vill vertruede gewiescht. Mee leider si se ëmmer méi aus eise Landschafte verschwonnen.

Lo gi se nees nei entdeckt, als wäertvolle Liewensraum fir Déieren a Planzen, als Wand- a Siichtschutz bei den Dierfer oder géint de Kaméidi bei Stroossen.

Mir ginn op eng Entdeckungsrees ronderëm Manternach, erfuerschen d'Banneliewe vun enger wëller Heck a fannen dobäi bestëmmt e puer bekannte Gesiichter!

Bësch

De Bësch mat senge Funktiounen

Firwat ass de Bësch esou wichteg fir eis? A firwat ass et esou wichteg de Bësch ze schützen an ze erhalen?

Mir entdecken, wéi Naturschutz a Bëschbewiirtschaftung Hand an Hand goe kënnen. Mir erfuerschen déi verschidde Funktioune vun engem Bësch, sinn aktiv an der Natur a bauen eisen eegene Waasserfilter.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Waldbaden mat Kanner

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Mir dauchen an an d'Atmosphär vum Bësch. Mir schrauwen d'Vitesse zreck an entspanen eis vum Alldag, fir dass mir eis erhuele kënnen. Mir verbréngen Zäit am Bësch mat näischt maachen an d'Natur spieren. Fir dat Gefill ze verstäerken, maache mir Otem- a Yogaübunge fir eis ze beweegen an opzewiermen.



Bësch

Nei!

Cycle



Wéini?
Oktober bis Mäerz

Laubstadt

Zesumme baue mir eng Bliederstad am Bësch. Kloer Spillreegelen hëllefen de Kanner dobäi sech selwer ze organiséieren. Si trainéiere logesch denken, Prioritéite setzen, Aufgabe verdeelen an zesumme schaffen.

Mensch a Natur

Wëll Kraider schmaachen

Mir leiere fënnef Kraider kennen, déi mir och selwer erëm fanne kënnen.

Op engem Spadséiergang sammele mir wëll Kraider, preparéieren domadder lecker Spezialitéiten a bereeden eis e gudden Téi zou.

Cycle



Wéini?
20. Abëll bis 10. Juli

Urban Farming – Stad als Beet

Mir setzen eis mam Wunn- a Liewensraum vun de Schüler*innen am Zesummenhank mat Stadgäert auserneen.

Mir léieren d'Grondlagen a Beispiller vum „Urban Farming" kennen an domadder och nei Perspektive fir den Ubau vu Liewensmëttel. Mir bauen eng Kraiderkëscht fir de Balcon oder d'Fënsterbriet.

Cycle



Wéini?
Mäerz bis Juni
vun 9 bis 12 Auer

Team Building

Erliefnis Wildnis

Feier maachen, Schnitzen, Spuere liesen a spillen am Bësch fir dass d'Klass als Team gestäerkt gëtt a sozial Fäegkeete gefördert ginn. Wärend engem spannenden Dag voller Abenteuer weise mir iech de richtegen Ëmgang an a mat der Natur. Dat Abenteuer erstreckt sech iwwer de ganzen Dag, Stockbrout um Feier abegraff.

Cycle

1.1 2.1 3.1 4.1

Wéini?
Ganzjäreg
vun 9 bis 15 Auer

Eng Aktivitéit ganz no äre Bedürfnisser

Dat passend Thema ass net dobäi?
Gäre schneidere mir ärer Klass och eng individuell Aktivitéit zesummen. Nennt eis äert Thema oder är Interessen a mir stellen iech déi passend Naturaktivitéit ganz no äre Bedürfnisser oder passend zu ärem Schoulprogramm zesummen. (Rallye, Orientéierungslaf, thematesch Wanderung a villes méi)

Cycle

1.1 2.1 3.1 4.1

Wéini?
Ganzjäreg

Biodiversum

Den **Naturschutzzentrum Biodiversum** am wonnerschéinen Haff Réimech invitéiert de Visiteur, d'Villfalt vun der Natur vum Gebitt ze entdecken. Aus dem deemolege Kiselstengofbaugebitt ass e vun de schéinsten an ökologesch wäertvollste Fiichtgebitter zu Lëtzebuerg ginn.

An der interaktiver Ausstellung vum Naturschutzzenter ginn d' Visiteuren ënner anerem alles iwwer d'Geschicht vum Museldall, de Liewensraum Weier, de Vullenzuch an d'Wichtegkeet vun der Biodiversitéit gewuer.

D'Haaptaufgab vum Zenter ass d'Sensibiliséierung vun der Ëffentlechkeet wéi och vu Schoulklassen am Beräich Nohaltegkeet, Natur- an Aarteschutz.

Fir all Aktivitéiten am Naturschutzzentrum Biodiversum gëllt:

- D'Unzuel vun de Participanten ass op 20 limitéiert.
- Denkt wgl. u gutt Schong an dem Wieder ugepasst Gezei.
- D'Aktivitéite fanne vir- an nomëttes statt an daueren op mannst 2 ½ Stonnen.

BIODIVERSUM
CENTRE NATURE ET FORÊT
NATURSCHUTZZENTRUM

Infoen an Umeldung

5, Bréicherwee
L-5441 REMERSCHEN

Tél: 247-56533

biodiversum@anf.etat.lu

Liewensraum Fiichtgebitt



Entdeckungstour Haff Réimech

Kommt mat op eng Entdeckungsrees duerch d'Weiergebitt Haff Réimech! Wéi sinn d'Weieren entstanen? Firwat ass et elo e Schutzgebitt? A wien lieft hei iwwerhaapt?

Zu all Joreszäit gëtt et eppes aneschtes ze entdecken!

Dës Aktivitéit dauert min. 2 ½ Stonnen (klengen Tour) oder 3 ½ Stonnen (groussen Tour).

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

D'Liewen am Weier

Mir luussen zesummen ënner d'Waasseruewerfläch vun de Baggerweieren. Wat a wien lieft hei? Firwat sinn dës Planzen an Déieren esou wichteg? Wéi kënne mir si erkennen a wéi hinnen hëllefen?

Zesumme léiere mir d'Ënnerwaasserwelt vum Haff Réimech kennen!

Dës Aktivitéit dauert 2 ½ bis 3 Stonnen.

Cycle



Wéini?
Juni a Juli

Liewensraum Fiichtgebitt

De Fräsch

Cycle



Wéini?
Mëtt Mee bis Ufank Juli

Mir ginn zesummen duerch den Haff Réimech fir méi iwwer de Fräsch a säi Liewe gewuer ze ginn. Ass hien d'ganzt Joer hei? Wéi beweegt hien sech? Wat frupst hien?

Zesumme siche mir d'Äntwerten op dës an aner Froen a mat e bëssen Chance kënne mir och e Fräscheconcert lauschteren.

Dës Aktivitéit dauert 2 ½ bis 3 Stonnen.

Natur erliewen

Déi grouss Rees vun de Vullen

Eemol Afrika an zeréck!

Wouhi verschwanne sou vill Vullen am Wanter? Wéi fanne si hire Wee? Wéi eng Geforen an Hindernisser musse si iwwerwannen? A firwat hu verschidde Villercher e Rank um Fouss?

Dës a weider Froe beäntwere mir zesummen a jee no Wieder, hu mir vläicht souguer d'Méiglechkeet, engem Ornitholog beim Berénge vun engem Vull iwwer d'Schëller ze luussen.

Cycle



Wéini?
Abrëll bis Mee
a September bis Oktober

Eeër an Näschter

Cycle



Wéini?
März bis Mee

Wou kommen déi kleng Jippelcher hir? Baut all Vull en Nascht? Wat maache si de ganzen Dag? A firwat sange si iwwerhaapt?

Op spilleresch Manéier entdecke mir heemesch Vullenaarten a léieren hir Gewunnechten, hir Näschter an Eeër kennen. Mir baue souguer en eegent Nascht fir mat heem ze huelen.

Natur erliewen

Vulle-Rallye

Cycle



Wéini?
Februar bis Oktober

Mir sichen zesummen no Vullen am Fiichtgebitt. Dobäi gi mir dorop an, wéi eng Ënnerscheeder déi verschidde Vullenaarten hunn, wéi si liewen, wat si friessen a wat mir kënne maache fir si ze schützen.

Bréngt wgl. dem Wieder ugepasst Gezei a Schong mat.
Dës Aktivitéit dauert 2 ½ bis 3 Stonnen.

Insekte-Rallye

Wat sinn Insekten? Wéi gesinn se aus? Wéi wichteg si se fir d'Biodiversitéit?

Vill Leit hu se net gär, mee se si wichteg fir de Fonctionnement vun der Natur. Mir ginn zesummen eraus a beobachten se vun no, fir dës kleng Déieren ze verstoen an ze wëssen, wéi ee se schützt.

Cycle



Wéini?
Juni bis Oktober

© Kerstin Rose

Bësch

Bësch-Entdeckungsrees

Spilleresch erliewe mir, wat de Bësch alles ze bidden huet, wat hie fir eis mécht, wéi mir hie schütze kënnen a wien hei wunnt.

Bei dëser Aktivitéit gëtt et ni langweileg!

Bréngt wgl. Bëschkleeder, Bëschschong an e Picknick mat.
Dës Aktivitéit dauert 2 ½ bis 3 Stonnen am Summer, am Wanter 2 bis 2 ½ Stonnen.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Bësch-Rallye

D'Déiere vum Bësch si frou mat Kanner. Awer just mat deenen, déi si respektéieren a sech gutt mat hinnen auskennen. Fir sou Kanner hu si eng Klengegkeet am Bësch vu Réimech verstoppt.

Kommt mat a gemeinsam versiche mir unhand vu verschiddene Spiller a Quizzen dës Iwwerraschung ze fannen.

Bréngt wgl. Bëschkleeder, Bëschschong an e Picknick mat.
Dës Aktivitéit dauert je no Cycle mat Picknick ca. 2 ½ Stonnen.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Mënsch a Natur

Schätz, Schierbelen, Schanken a méi ...

Detektive vun der Vergaangenheet.

Wat maachen Archeologen a wéi schaffen si? Mir sichen an der Ausgruewungskëscht no Bijouen, Keramik a Schanken an erfuerschen déi spannend Geschicht vun de Mënschen am Haff Réimech tëschent der Steenzäit an dem Mëttelalter.

Wat wäerten d'Leit wuel vun eis an dausend Joer fannen?

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Archeologesch Entdeckungsrees am Haff Réimech

E Paradäis aus Mënschenhand.

Den Haff Réimech ass e klengt Paradäis, dat aus Mënschenhand erschaf gouf. Op dëser Tour léiere mir, wéi déi éischt Mënschen am Gebitt ronderëm de Biodiversum gelieft a wéi si d'Natur verännert hunn.

Eis Entdeckungsrees erstreckt sech vun der Jongsteenzäit bis an eis Zäit.

Cycle

Wéini?
Mee bis August

Mënsch a Natur

Aarbecht am Gaart fir jiddereen

Mir gi gemeinsam an de Gaart a kucken, wat et do ze maache gëtt.

Jee no Joreszäit wäerten aner Aarbechten op eis waarden, mee op all Fall wäerte mir vill léieren iwwer Som, Bestëbsung a Planzen.

Vläicht entdecke mir och flott Insekten?

Cycle



Wéini?
Mee bis Oktober

D'Klima an ech

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Wat ass Klima? Ass dat dat selwecht wéi d'Wieder?

Duerch Experimenter a Perspektivewiessel gi mir zesummen dat Thema Klimawandel duerch. Mir bewäerten eisen Afloss op d'Klima duerch eis alldeeglech Handlungen an iwwerleeën zesummen, wéi mir d'Klima positiv beaflosse kënnen.

Team Building

Schatzsich am Haff Réimech

Virun dausende vu Joren hunn d'Kelten hei am Haff Réimech e Schatz verstoppt. Elo ass et un der Zäit, den ze sichen. Mee just déi Kanner, déi sech ganz gutt mat der Natur auskennen, si schützen an all Spiller a Rätsel packen, just déi kënnen de Schatz fannen.

Verrot de Kanner wgl. näischt vun der Schatzsich am Viraus mee erzielt hinne just vun engem Ausfluch am Naturschutzgebitt.

Bréngt wgl. dem Wieder ugepasst Gezei a Schong mat.
Dës Aktivitéit dauert OUNI Picknick 3 bis 3 ½ Stonnen.

Cycle

Wéini?
Abrëll bis Oktober

Burfelt

De **Naturschutzzentrum Burfelt** läit bei eisem schéine Stauséi un der Uewersauer.

De Stauséi sou wéi déi typesch Éisleker Koppen a Louhecke prägen dës Géigend. Duerch di roueg a wonnerschéi Landschaft fanne Visiteuren den direkte Wee zu der Natur.

Am Gebai aus dem 18. Joerhonnert kann een eng interaktiv Ausstellung entdecken, déi sech ëm de Bësch an all seng Funktiounen, d'Bezéiung vum Mënsch zum Bësch esou wéi eisen ökologesche Foussofdrock dréint.

All eis pedagogesch Aktivitéite sinn op dem "BNE" Prinzip opgebaut.

Fir all Aktivitéiten am Naturschutzzentrum Burfelt gëllt:

- D'Unzuel vun de Participanten ass op 20 limitéiert.
- All eis Aktivitéiten daueren op mannst 3 Stonnen. Eenzel Aktivitéite ginn iwwer e ganzen Dag.
- Wgl. matbréngen: gutt Schong fir an de Bësch, dem Wieder ugepasst Gezei a Verfleegung.
- Ee Grill steet zu ärer Verfügung.

Burfelt
Naturschutzzentrum
Centre nature et forêt

Infoen an Umeldung

1, Burfelt
L-9660 INSENBORN

Tél: 247-565-21 / -25

burfelt@anf.etat.lu

Konscht, Kultur a Natur

Konscht am Bësch

D'Verbindung vu Konscht an Natur sprécht all Sënner vum Mënsch un a féiert zu engem onvergiesslechen Erliefnes.

De Bësch liwwert eng Vilfalt un natierlech Produiten, dëst gëtt de Kanner pedagogesch vermëttelt andeems se selwer sammelen an domadder Konschtwierker erstellen.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Lou-Schläissen

Wat huet d'Eechelschuel mat Lieder an Tënt ze dinn?

Duerch d'Lou schläissen de Wäert vun de Louhecken an hir kulturhistoresch Bedeitung méi no bréngen andeems d' Schüler*innen selwer kreativ ginn an eng Hand mat upaken.

Entdeckt mat eis, wéi kreativ ee mat der Lou schaffe kann.

Cycle



Wéini?
Mëtt Abrëll bis Mëtt Mee

Natur erliewen

De Kéiseker

Wat ësst de Kéiseker? Wéi lieft en zu de verschidde Joreszäiten?

Bei dëser Aktivitéit vermëttele mir wäertvoll Informatiounen zu dësem bedroten Déier.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Villercher

Cycle



Wéini?
November bis Abrëll

Duerch Spiller an Experimenter erliewen d'Schüler*innen vill Wëssenswäertes iwwert déi verschidde Vullefamillen.

Natur erliewen

De Bësch a seng Déieren

Eis Bëscher sinn ee grousse Liewensraum fir vill Déierenaarten.

Gitt mat eis um Burfelt op eng Déieresafari.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Nei!

Wanter-Survival – Wëlldéieren

Wei iwwerliewen des Wëlldéieren de Wanter? Mir kucken eis dat méi genau un a ginn op Spueresich.

Cycle



Wéini?
Oktober bis Februar

Bësch

© CNF Burfelt

Bësch – all inclusive

Eise Bësch als Multitalent kenne léieren. Des Aktivitéit verbënnt Naturnotzung, Erhuelung a Naturschutz am Bësch.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

De Bësch mat alle Sënner entdecken

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Mir entdecken de Bësch mat eise Sënner a begräifen duerch d'Spillen all seng Funktiounen.

Des Aktivitéit gëtt un all Altersgrupp ugepasst a soll haaptsächlech Freed an Interessi um Bësch erwächen.

© CNF Burfelt

Bësch

Mathé am Bësch

Vill Themen an der Mathé kënnen duerch praktesche Beispiller am Bësch konkret verdäitlecht ginn.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

An der Haut vum Bam

D'Beem si faszinéierend Liewewiesen. Mir entdecken d'Leeschtungen a vill aner Geheimnisser vun eise Beem.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Aarten-RÄICH Blummewiss

Nei!

Aarteräich Wise si vu grousser Wichtegkeet fir d'Biodiversitéit a gestalten och eis Landschaften. Kommt, entdeckt mat eis dëse villfältege Liewensraum an seng Bestëbser.

Cycle



Wéini?
Juni bis August

Bësch

Fréibléier

Nei!

Wat si Fréibléier? Schüler*innen erliewe wéi dës Fréijoersblumme wuessen, bléien an sech fort planzen.

Cycle



Wéini?
Mäerz bis Abrëll

Mënsch a Natur

Atelier Holz

Unhand vu Beispiller kréien d'Schüler*innen de Wäert vum Bësch erkläert. Zesumme mat de Kanner sichen a hae mir ee Bam a verschaffen e bis zum fäerdege Produkt.

Cycle



Wéini?
Abrëll bis Oktober

Klima Challenge

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Wei een Afloss huet de Klimawandel op eis Ëmwelt an d'Liewewiesen?

Hei léieren d'Schüler/innen wéi eng Roll eis Bëscher beim Klimawandel spillen a wat d' Ursaachen a Follge vun dem Ganze sinn.

Wat kann een dergéint ënnerhuelen?

Mënsch a Natur

Footprint – ökologesche Foussofdrock

Wat ass een ökologesche Foussofdrock?

Dëst kréien d' Schüler*innen bei dëser Aktivitéit erkläert a léiere wéi se dee kënne reduzéieren. D'lesspause sinn Deel vun der Aktivitéit well d'Kanner do hire Foussofdrock direkt virun den Aen hunn.

Cycle

Wéini?
Ganzjäreg

Survival – Iwwerliewen am Bësch

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Feier selwer maachen mat verschiddenen Techniken, e Läffel schnëtzen, Hütte selwer bauen a villes méi.

Team Building

Kooperativ Erliefnisspiller

Duerch kooperativ Spiller gëtt d'Selbstvertrauen, den Teamwork an d'Kommunikatioun an der Grupp geförderd

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Eng Aktivitéit ganz no äre Bedürfnisser

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Falls fir iech kee passend Thema dobäi ass an dir een Thema an der Schoul behandelt, kennt dir op Ufro eng passend Aktivitéit mat eis zesumme plangen.

Ellergronn

© CNF Ellergronn

Zwee Kilometer südlech vum Stadkär vun Esch-Uelzecht läit den **Naturschutzzentrum Ellergronn**, agebett tëschent Bësch an Dréchewisen am Naturschutzgebitt mam selwechten Numm.

Hei trëfft alles openeen, wat de Räichtum vum Lëtzebuerger Süden ausmécht: engersäits eng divers Natur an anerersäits de Patrimoine vun der deemoleger Eisenindustrie.

Am Ellergronn ginn et nieft den naturpädagogeschen Aktivitéiten och Aktivitéiten, déi sech mat der Relatioun vu Mënsch, Natur an der Notzung vun den natierleche Ressourcë befaassen.

Fir all Aktivitéiten am Naturschutzzentrum Ellergronn gëllt:

- D'Unzuel vun de Participanten ass op 20 limitéiert.
- D'Aktivitéite fanne vir- an nomëttes statt an daueren ongefëier 2 ½ Stonnen.
- Bréngt wgl. mat: Fest Schong, Verfleegung an dem Wieder ugepasste Kleedung.
- Ee Grill steet iech op Ufro zur Verfügung.

eller gronn
Centre nature et forêt
Naturschutzzentrum

Infoen an Umeldung

Forsthaus Ellergronn
L-4114 ESCH/ALZETTE

Tél: 247-56516

ellergronn@anf.etat.lu

Natur erliewen

Insektesafari

Wat krabbelt, sprengt a flitt dann do?

Ausgestatt mat enger Becherlupp tauche mir an an d'Räich vu Kiewerlek, Päiperlek a Co. a fannen dobäi eraus wat et alles Interessantes ze entdecke gëtt an der verbuergener Welt laanscht de Wee.

Cycle



Wéini?
Enn Abrëll bis Juli

Wee schläimt dann do?

Op all Spadséiergang am Bësch entdecken d'Kanner Schleeken an och wann se net flauscheg sinn, ass bal all Kand un dësen Déieren interesséiert. Obwuel Schleeke lues a schutzlos wierken, sinn se een Erfollegsmodell.

Op spilleresch Aart a Weis gi mir de Spuere vun de Schleeken no.

Cycle



Wéini?
Oktober
an Abrëll bis Juni

Natur erliewen

De Weier – voller Liewen a Geschichten

Cycle



Wéini?
Juni bis Juli
Dënschdes an
donneschdes

Dass a Gewässer och kleng Déiere liewen, ass eis bewosst. Dës Déiercher sinn einfach anzefänken an och ouni Fachkenntnesser kënne mir si betruechten a mi no kenne léieren.

Beien, déi onermiddlech Teamplayen

Wa mir eng Beiekolonie kucken, fält eis gläich dat onermiddlecht Gesumms vun de Béien op.

Bei eiser Beienaktivitéit kënne mir si ganz genau betruechten a kenneléieren. Mir fanne raus, wisou si fir d'Mënsche liewesnoutwenneg sinn a wéi eng aussergewéinlech Aufgabe si fäerdeg bréngen. Selbstverständlech dierfe mir och e bësse vun deem wat d'Béien hierstellen, naschelen a schmaachen.

Cycle



Wéini?
Juni bis Juli
Am Escher Déierepark

Fliedermais – geheimnisvoll Jeeër an der Nuecht

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Si sinn nuets ënnerwee, kënnen am Däischtere gesinn an iwwer hir Liewensweis war laang Zäit wéineg bekannt. Wou liewe Fliedermais, wat iesse si a firwat si se sou wichteg fir eis Ëmwelt? Bei dëser Aktivitéit léiere mir d'Liewensweis vun de Fliedermais kennen.

Natur erliewen

D'Déieren an hir Spuren

Pattenofdréck, ugeknabbert Nëss, e Lach am Buedem.... Wee kann dat da gewiescht sinn?

Zesummen op Spueren- an Entdeckungssich bei engem Spadséiergang am Bësch.

Cycle



Wéini?
September bis Enn Mäerz

Mir léiere Spuere liesen an nogoen

Mir léiere Spuere kennen, déi hei am Bësch ze fanne sinn a mir léieren op eng spilleresch Manéier, fir deene Spuere kënnen nozegoen. Dono maache mir eis op d'Sich no Spueren a loossen eis iwwerraschen, wat mir alles fannen.

Cycle

Wéini?
Januar bis Enn Mäerz

NaGaNo (Natur ganz no)

Nei!

D'Natur gesäit vu wäitem scho faszinant aus. Vu noem betruecht gesinn d'Saachen awer scho ganz anescht aus.

Mir ginn an de Bësch a sichen no Naturmaterialien di mir ganz grouss wëlle gesinn. Esou léiere mir och wie een e Mikroskop bedéngt.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Natur erliewen

Nei!

Cycle



Wéini?
Dezember bis Mäerz

Déieren am Wanter

Firwat ass et hei am Bësch esou roueg, wou sinn d'Deieren a wat maachen déi am Wanter iwwerhaapt? Genau deene Froe gi mir no. D' Fliedermaus, d'Kaweechelchen an de Fräsch erzielen eis wat si de Wanter iwwer am Ellergronn esou maachen a wou si sech verstoppen.

Vu Bam zu Bam

Wat ass den Ënnerscheed tëscht enger Eech an enger Bierk? Gesinn all d'Blieder am Bësch d'selwecht aus? Ginn et Kiischte-Beem am Bësch?

Mir sichen déi gängeg Bamaarte vu Lëtzebuerg a maachen een Herbarium. Vläit fanne mir jo och den Eller vum Ellergronn...

Cycle



Wéini?
Mee bis Oktober

Bësch

De Bësch entdecken

Kommt an entdeckt mat eis de Bësch mat all senge groussen a klénge Bewunner am Naturschutzgebitt Ellergronn.

Et ass iwwerraschend wat de Bësch alles ze bidden huet.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Nei!

Cycle



Wéini?
September bis Dezember
Mäerz bis Juli

Geschichten erzielen am Bësch

Fir Geschichten ze erzielen ass de Bësch dee schéinsten Dekor, deen ee sech ka virstellen. Hei gi mir ganz stëll a loossen eis an op allerhand schéi Geschichten zum Thema Natur. Taucht an an di wonnerbar Welt vun der Fantasie.

Bësch

De Bësch mat alle Sënner erliewen

Mir maachen en Tour duerch de Bësch wou mir eis besonnesch op eis Sënner fokusséieren. Einfach lassloossen an de Bësch op ongewinnte Manéier erliewen.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Déi 4 Joreszäiten

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg
4x / Joer

Bei dëse véier Aktivitéite geet et drëms, datt d'Kanner wärend dem Schouljoer d'Evolutioun vun engem Weier, engem Bam an enger Wiss dokumentaresch mat Hëllef vun engem Fotoapparat festhalen. Den natierleche Prozess soll genee gekuckt an notéiert ginn.

Wichteg! Bucht fir dës ganzheetlech Aktivitéit wgl. eng Seance pro Joreszäit direkt um Ufank vum Schouljoer.

Entspanen an der Natur

Dës Aktivitéit bitt de Kanner d'Méiglechkeet Stress a Reiziwwerfloss ofzebauen. D'Kanner ginn dozou ugereegt sech konkret iwwer e längeren Zäitraum op een an der Natur oflaafende Prozess ze konzentréieren, an esou ze entspanen an zur Rou ze kommen.

Cycle



Wéini?
September bis Dezember
Abrëll bis Juli

Bësch

Champignon Explorer

Nei!

D'Champignonen spillen eng ganz wichteg Roll an der Natur. Si si kloer d'Meeschteren am recycléiere vun Holz a Blieder an hunn och soss nach aner Aufgaben. Bei dëser Aktivitéit tauche mir zesummen an déi spannend Welt vun de Champignonen.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Mënsch a Natur

Wéi Steenzäit Mënsche molen

Wéi virun dausende vu Joren, erschafe mir Konschtwierker mat Äerd, Steng a mat dem wat eis d'Natur nach hiergëtt. Eis Virfare begleeden eis bei dem kreative Prozess.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Naturschutz: Wat kanns du maachen?

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Ouni d'Natur wiere mir schlecht drun! Dofir wëlle mir iech kleng Gestë bäiléiere fir eis an der Natur ze hëllefen. Kënnt all Knascht an déi selwecht Poubelle? Vu wou kënnt meng Ananas? Wéi kann ech Waasser a Stroum spueren? Dir kënnt mat klenge Schrëtt vill bewierken.

Mënsch a Natur

De Biergbau an d'Minnenaarbeschter am Ellergronn

Wëllt dir gär méi iwwer de Biergbau an der Minn Cockerill wëssen?

Da sidd dir bei eis richteg. Kommt an erlieft firwat a wéi d'Minnenaarbechter iwwerhaapt Minetts-Steng aus de Stollen ofgebaut hunn. Wat eng haart Aarbecht!

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Feier – en Naturelement, dat faszinéiert

Feier ass bestëmmt di spektakuläerst Entdeckung vun der Mënschheet. Mir hunn d'Feier säit éiweg gebraucht a genotzt an et faszinéiert eis nach haut. Feier ass och geféierlech a mir léieren nierft "Feier maachen" och d'Reegelen, déi mir mussen anhalen.

Cycle



Wéini?
September bis Enn Mäerz

Team Building



Natur-Rallye

Bei dëser Rallye ass d'Erliefnis vun der Natur dat Wichtegst.

Mat schaarfen Aen a gespëtztem Bläistëft entdecken d'Kanner wat de Bësch eis bäibrénge kann.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Déierenolympiad

Cycle

Wéini?
Ganzjäreg

Ass de Bësch langweileg? D'Déierenolympiad wäert iech vum Géigendeel iwwerzeegen!

D'Klass trëtt géint d'Profien aus der Déierewelt un an dobäi vergläiche mir eis Fäegkeeten.

Team Building

Challenge am Ellergronn 1.0

Cycle

Wéini?
Januar bis Juli

An enger Grupp Aufgabe bewältegen, déi mir nëmmen zesummen als Grupp packe kënnen, dat schweesst eis zesummen. Mir hunn an engem ongewinnte Kader Spaass a léieren eis esou als Grupp besser kennen.

D'Zil ass dass d'Klass an engem geschützten Ëmfeld zu engem Team zesummewuesse kann.

Schatzsich am Ellergronn

Enger So no hu viru laanger Zäit Minnenaarbechter ee Schatz am Ellergronn verstoppt, deen nach ëmmer net fonnt ginn ass...

Bréngt dir et fäerdeg dëse Schatz ze fannen?

Ouni Begleeder

Cycle

Wéini?
Ganzjäreg

Kniet a Kloteren

Cycle



Wéini?
September bis Dezember
Abrëll bis Juli

Mir léieren dräi Kniet mat deene mir eng Afebréck kënne bauen fir drop ze spillen an ze turnen. Dernieft kënne mir och nach aner Saachen opriichte wéi zum Beispill Schaukelen oder eng Slack-Line. Hei gëtt Teamgeescht a Muskelkraaft gebraucht.

Team Building

Schnitzeljuegd am Ellergronn

Als Team léise mir Aufgaben, mir halen zesummen an ënnerstëtzen eis géigesäiteg, fir dass mir de Wee fannen a wie weess, vläicht fanne mir um Enn nach eng Trophée. Kënne mir dat packen? Jo, mir packen dat!
Dat gëtt gutt :-)

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Transitioun wéini?

Cycle

Wéini?
Ganzjäreg

Wéi ass den Zoustand vun eisem Planéit? A wéi gesäit et mat de Liewewiesen an der Natur aus?

Maacht iech mam Klimawandel vertraut a realiséiert wéi een Impakt mir Mënschen op eis Ëmwelt hunn.
Dir kritt ee Lückentext mat an d'Ausstellung a sicht, op dräi Stäck verdeelt, no wichtegen Informatiounen iwwer d'Natur, d'Klima an ... ?

Ouni Begleeder

Missioun Ellergronn

Nei!

Bei dëser Aktivitéit maacht dir als Team een Tour duerch den Ellergronn an ënnerwee kritt der eng Rei Aufgaben ze léisen. Am Accueil kritt der all néideg Informatioune wéi eng Weebeschreiwung a Spiller sou wéi och d'Material, dat dir braucht.

Dës Missioune sinn de verschiddene Cyclen ugepasst!

Ouni Begleeder

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Mirador

© Christof Weber

Den **Naturschutzzentrum Mirador** ass an engem fréieren Industriegebai zu Stengefort ënnerbruecht.

Den Ofbau vum Sandsteen, Holz an Äerz huet d'Regioun laanscht d'Äisch verännert. Mëttlerweil huet sech d'Natur nees hir Platz zeréck geholl, d'Planzen an Déieren hunn hei en neit Doheem fonnt.

Spuere vun der Industriegeschicht an de Leit déi se gepräägt hunn, sinn awer nach op Schratt an Tratt ze begéinen.

D'Aktivitéiten déi de Mirador ubitt erméiglechen de Kanner eng aner Vue op d'Natur ze kréien a maachen se mat hirer Einfachheet an der Schéinheet vertraut.

Fir all Aktivitéiten am Naturschutzzentrum Mirador gëllt:

- D'Unzuel vun de Participanten ass op 20 limitéiert.
- Ofmeldunge musse spéitstens 24h virun der Aktivitéit per Mail oder Telefon erakommen.
- Bréngt wgl. mat: Fest Schong, Verfleegung an dem Wieder ugepasste Kleedung.
- Treffpunkt fir déi meeschten Aktivitéiten ass den Naturschutzzentrum Mirador.

MIRADOR
Naturschutzzentrum
Centre nature et forêt

Infoen an Umeldung

1, Rue Collart
L-8414 STENGEFORT

Tél: 247-56541

mirador@anf.etat.lu

Konscht, Kultur a Natur

Bësch a Konscht

Duerch Bewonnerung a Kreativitéit entwéckelen d'Kanner eng Bezéiung zu der wonnerbarer Natur déi eist Doheem ass.

Mir dekoréieren Beem, kreéiere Konschtwierker aus Holz, Steng, Blieder, Blummen a Buedem, mir mole mat Naturfaarwen, leeë Mosaicken aus oder och e grousse Mandala.

De Bësch freet sech schonn op är Konschtwierker an Iddien.

Cycle



Wéini?
Märerz bis November

Natur erliewen

De Kéiseker

De Kéiseker ass en typesche Bewunner vun eise Gäert. Duerch seng lessgewunnechten ass hie ganz nëtzlech an och gär gesinn.

Ganz spilleresch léiere mir de Kéiseker a seng Liewensweis kennen. Mir gi gewuer wou e lieft, wat en ësst a wat en am Wanter mécht.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

D'Kaweechelchen

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

D'Kaweechelchen ass e richtege Kletterkënschtler. Säi Kierper ass perfekt un d'Liewen an de Baamkrounen ugepasst.

Zesumme gi mir op Entdeckungsrees a léieren dobäi ganz spilleresch d'Kaweechelchen, säi Liewensraum, säi Verhalen a seng Roll am Bësch kennen.

Natur erliewen

De Biber

Endlech ass de Biber nees do. Nodeems en am 19. Joerhonnert ausgerott ginn ass, huet hie säi Wee 2008 nees op Lëtzebuerg fonnt.

Bei dëser Aktivitéit léiere mir dëst faszinant Déier méi genau kennen.

Mir gi gewuer wou e lieft a wat en ësst. Firwat en esou gutt Zänn brauch a wisou säi Schwanz platt ass. Mat Hëllef vu Spiller fanne mir selwer eraus wéi hien sech duerch d'Holz bäisst a wéi de Biber säin Damm baut a firwat? Zesumme maache mir eis och nach op Spueresich vun dësem pelzege Kolleeg.

Cycle

1.1 2.1 3.1 4.1

Wéini?
Mäerz bis September

D'Liewen am Weier

Cycle

1.1 2.1 3.1 4.1

Wéini?
Mëtt Mee bis Juni

Wat sinn Amphibien? Firwat quaken d'Fräschen an d'Mouken, a wéi ootmen se? Wéi eng Déiere liewen nach am Weier? Wéi gesinn se aus?

Mat Netzer, Luppen a Bestëmmungsbicher maache mir eis op de Wee fir op all déi Froen a nach vill anerer eng Äntwert ze fannen.

Fir dës Aktivitéit musst der Stiwwelen an Ersatzstrëmp apaken.

Natur erliewen

D'Liewen am Fléissgewässer

Cycle



Wéini?
Mëtt Mee bis Juli

Am Fléissgewässer a ronderëm ass vill lass. Mir léieren dësen eenzegaartege Liewensraum, seng Entsteeung a seng Bewunner besser kennen. Mir gi gewuer wat Waasserdéiere mat der Waasserqualitéit ze dinn hunn, wat en Auebesch ass a wisou dëse Liewensraum esou schützenswäert ass. Also Stiwwelen un a lass.

Fir dës Aktivitéit musst der Stiwwelen an Ersatzstrëmp apaken.

D'Welt vun den Insekten a Spannen

Duerch de groussen Insekteverloscht ass dës Aktivitéit ganz aktuell. Zwee Drëttel vun allen Déieren op der Äerd sinn Insekten a Spannen. Se si ganz nëtzlech an hunn eng immens wichteg Roll an eisem Ökosystem.

Mir léieren dës kleng Déieren an hir grouss Welt vu méi no kennen, mat Lupp an Äifer maachen mir eis op Insektesafari.

Cycle



Wéini?
Mee bis Juli

Wien ass de Bubo bubo?

Cycle



Wéini?
Mäerz bis September

Mir schwätzen haaptsächlech iwwert déi gréissten Eil aus Europa, dem Uhu. Mee wat fir aner Eilen ginn et nach? Wou liewen se, wat iessen se a wéi ruffen se? Mir entdecken gemeinsam d'Welt vun den rouegsten Jeeër aus der Nuecht.

Natur erliewen

Kraiderhexen um Tour

Mir maachen zesummen eng Ausbildung zur Kraiderhex. Mir léiere verschidde Kraider, hire Goût an hir heelend Wierkunge kennen. Natierlech sammele mir och Kraider, maachen eis selwer Kraiderbotter a schmaachen deen natierlech och.

Fir dës Aktivitéit muss dir 10 € matbrengen fir d'Onkäschten ze decken.

Cycle



Wéini?
Mëtt Mee bis September

Dat geheimnisvollt Liewe vun de Reptilien

Cycle



Wéini?
Abrëll bis September

Dës Aktivitéit bitt eis en Abléck an déi geheimnisvoll Welt vun de Reptilien.

Mir léiere wéi eng Zorten et zu Lëtzebuerg ginn a wéi se liewen. Mir beschäftegen eis mat hirem Liewensraum an hëllefe selwer dobäi deen ze erhalen, andeems mir ënner anerem un Drëschenmauere schaffen. Selbstverständlech gi mir och aktiv op d'Sich no dëse Reptilien.

Villercher am Wanter

Vill Villercher verloossen eis am Hierscht fir am Süden ze iwwerwanteren. Et ginn der awer och déi hei bleiwen. Bei dëser Aktivitéit léiere mir d'Villercher besser kennen, maache Fudderbulle fir Meesercher a gi gewuer wéi si sech un den haarde Wanter upassen.

Cycle



Wéini?
November bis Mäerz

Natur erliewen

Nei!

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Wat wibbelt do an der Heck?

Eng Heck ass vill méi wéi just eng gréng Sträif an der Landschaft. Si ass e faszinéierende Liewensraum, deen e sëllegen Déieren a Planzen en Doheem bitt. Lued är Schüler*innen an op eng spannend Entdeckungsrees an taucht zesumme mat eis an déi wonnerbar Welt vun den Hecken an.

Mat vill Spaass, ofwiesslungsräiche Spiller a léierräichen Aktivitéiten entdecken mir, wéi eng Liewewiesen an der Heck wunnen a wéi eng wichteg Funktioune se erfëllt. Also näischt eréi lass, mir ginn elo kucken wat do an der Heck wibbelt.

Bësch

De Bësch mat alle Sënner erliewen

Am Bësch ginn et an all Joreszäit spannend Saachen ze erliewen:

De Fréijoer wann d'Natur nees wakereg gëtt a vill Déiere gebuer ginn. De Summer mat de faarwege Blummen an de summenden Insekten. Den Hierscht mat dem Verfierwe vun de Blieder an dem Optauche vun den Champignonen oder de Wanter wou d'Natur nees zu Rou kënnt a sech all d'Bewunner vum Bësch nees un d'Keelt upassen.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Mäi Frënd de Bam

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Wéi al ass e Bam a wéi al kann e ginn? Wéi ootme Beem? Wéi eng verschidde Beem ginn et hei? Wéi kann een se ënnerscheeden? Firwat si Beem esou wichteg fir eis? Kënne Beem matenee schwätzen?

Op all dës Froen an nach vill anerer fanne mir bei dëser Aktivitéit eng Äntwert. Mir léieren d'Beem mat all hire Funktioune besser kennen a schätzen.

Bësch

Op Spueresich am Bësch

Eise Bësch ass voll mat Déieren, leider kritt een se net sou oft ze gesinn, si hannerloossen awer Spueren!

Mir léieren zesummen wéi se ausgesinn a wéi mir se liese kënnen. Mir ginn zesummen op Spueresich, stellen eng Fotofaal op an nach villes méi.

Cycle

1.1 2.1 3.1 4.1

Wéini?
Ganzjäreg

Éier ech mat de Wëllef huerelen

Cycle

1.1 2.1 3.1 4.1

Wéini?
Ganzjäreg

Wéi geféierlech ass de Wollef fir Mënsch an Déier? Wéien Afloss huet hien op déi natierlech Nahrungsketten?

Unhand vu Geschichten a Rollespiller sollen d'Virurteeler géigeniwwer dësem Raiber ofgebaut ginn. Sou gëtt d'Akzeptanz vun dësem fantasteschen Déier bei de Kanner gestäerkt.

D'Athleten aus dem Bësch

Bei dëser sportlecher Aktivitéit, gi mir an d'Naturschutzgebitt Stengeforter Steekaulen a léiere verschidde Bewunner an hir sportlech Talenter kennen. Wéi wäit sprangen déi verschidden Déieren? Wéi vill Gewiicht packen se? Wéi schnell sinn se? Wéi gutt kënnen se kloteren?
Dës an nach villes méi fanne mir duerch selwer maachen eraus. Also dofir Sportskleeder un a lass.

Kleeder, Schong a Gedrénks matbréngen fir dobausse sportlech aktiv ze sinn.

Cycle

1.1 2.1 3.1 4.1

Wéini?
Abrëll bis Juli

Mënsch a Natur

Survival Atelier (Ganzen Dag)

Feier ufänken ouni Fixspoun a Briquet, eng Schutzhütt selwer bauen, Spuere liesen, sech orientéieren, Wëllplanze kenne léieren an nach villes méi.

Een Dag laang d'Natur aneschters erliewen an als Klass gemeinsam Aufgabe léisen. D'Abenteuer waart op iech!

Iessen, Gedrénks, fest Schong a Gezei, dat däerf knaschteg ginn, matbréngen.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Industriegeschicht a wéi d'Natur sech nees verbreet huet

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Am Laf vun der Geschicht huet de Mënsch ganz Landschaftsbiller duerch Industrië verännert. Soubal déi awer net méi genotzt ginn hëlt d'Natur sech hirer nees ganz séier un. Bei dëser spannender Aktivitéit gi mir op Spueresich vun der aler Industrie, a wäerte vill Maueren a Gebaier, Schinnen an Tunnellen, komesch Fielsformatiounen an nach villes méi entdecken.
Mir gesi wéi et fréier ausgesinn huet a wéi d'Natur sech nees verbreet a vun de Flechten a Moose bis hin zu engem Bësch entwéckelt huet.

Mënsch a Natur

Bushcraften mat Messer a Schnouer

Cycle



Wéini?
Abrëll bis Oktober

Bei dëser Aktivitéit entdecke mir de Mac Gyver an eis.

Mir léieren hei wéi een sech ganz einfach an der Natur ka vill nëtzlech Saache bauen ouni vill Material. Vum Besteck, iwwert Schossele bis zum Stull, der Hängematt an enger Hütt kënne mir eis alles selwer hierstellen. An dofir brauche mir just en Täschemesser an eng Schnouer.

Matschaffen am Naturschutz

Mir schaffen zesummen an eisem Naturschutzgebitt.

Ofhängeg vun der Saison falen hei verschidden Aarbechten un wou dir kënnt mathëllefen, eis Biodiversitéit ze erhalen an ze verbesseren.

Allez hopp! D'Schaffhändschen undoen a lass leeën.

Iessen, Gedrénks, fest Schong a Gezei, dat däerf knaschteg ginn, matbréngen.

Cycle



Wéini?
Mäerz bis November

Team Building

© CNF Mirador

Team Building (Ganzen Dag)

Bei dëser Aktivitéit muss d'Klass verschidden Aufgabe meeschteren, déi just als Grupp ze packe si mat Hëllef vu Kommunikatioun, Kreativitéit, Duerchhalverméigen an enger gudder Portioun Teamgeescht. No der Aktivitéit gëtt nach e klenge Bilan mat Réckbléck a Reflexioune gemaach.

Iessen, Gedrénks, fest Schong a Gezei, dat däerf knaschteg ginn, matbréngen.

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Natur-Schatzsich

Cycle



Wéini?
Ganzjäreg

Bei dësem Abenteuer steet d'Erliefnis an der Natur un éischter Platz. D'Kanner léiere spilleresch d'Natur kennen. Duerch Kreativitéit, Geschécklechkeet a Virwëlz fannen d'Kanner Hiweis fir Hiweis fir zum Schluss als Belounung de Schatz ze fannen.

Kontakt
Naturverwaltung

81, rue de la Gare
L-9233 Diekirch

info@anf.etat.lu

www.emwelt.lu